A M I C A L E DES A N C I E N S DE T A M B O W

Secrétariat: 50, rue de la Vallée, Luxembourg.

Téléphones Nos. 546 41 ou 210 46 -- C.C.P. 240 07

# 1960 Benôrichtegongsblâd N° 1

## A l é d o n g

Fir me' en enken Kontakt mat sengen Memberen ze kre'en an se zougleich iwer seng Aktivite't um lâfenden ze hâlen, huet de Comité beschloss dest Bliedchen ze verschëcken.

Leider bestét jo de' Ligue, de' fir d'Interessen vun den Zwangsrekrute'erten antrieden soll, nëmmen me'h dem Numm no. Duerfir gesin mir et als eis Pflicht un, des Charge ze iwerhuelen, well mir als Krichsgefângen am schwe'ersten matgeholl hémkoumen. Ne'went dém he'gen Prozentsatz vun Gefâlenen oder Vermësssten, sin nach we'negstens 15% vun eise Komerôden an de Gefangenlager gestuerwen. Mir kônnen fir all dé Misär kengem âneren d'Schold gin ewe' de Preisen, de' eis d'Freihét gerâft an an de' verhâsten Uniform gepresst hun.

De Sënn vun eiser Amicale woer jo am Ufank dén, all Joer émol bei eiser Reunioun eiser verstuerwener Komerôden ze gedenken, âl Frëndschaften opzefrëschen an eis ge'genseiteg ze hëllefen. Wé elo âwer no de Verhandlongen mat de Preisen bekannt gouf, datt sie neischt vun enger Entschiedegong fir letzeburger Zwangsrekrute'erten, de' nët kierperbeschiedegt sin, wëssen wëllen, jo esoguer eis nach ômmer als Preisen bezéchnen wëllen, mussen mir om Dill sin. Mir lôssen dât net me'h bidden, well mir woeren Affer vum Nazismus an als dât mussen mir unerkannt ginn.

Wann é schon de'jéneg, de' freiwëlleg eng preisesch Uniform gedroen an mat de Nazien zesummengeschafft hun, haut net als Preis bezéchnen dârf, dann duerfen mir, de' dran gezwongen goufen, eis secher net gefâlen lôssen. Well vill vun dénen, de' haut iwer eis hierfâlen, hätte mir gèren an eisem Fall gesin.

De Comité vun eiser Amicale huet duerfir e Memorandum un all Ministeren, Depute'erten an Memberen vum Staatsrôt verschëckt. Mir kënnen leider net de ganzen Memorandum an desem Blâd publize'eren mé eis Fuerderongen sin de' hei :

Mir Zwangsrekrute'ert hun elo 15 Joer dorënner gelidden, datt mir als Bierger 5 Klass betruecht goufen .Mé mir hoffen nach ômmer, datt mir och endlech émol vun den he'geren Instanzen ugehe'ert an verstânen gin. Et ass villes gudd ze mâchen! Hei sin eis Fuerderongen, de' mir als absoluten Minimum betruechten.

1.- Et wier nômmen gerecht, datt mir bei der Reform vum Krichsschuedegesetz mat allen krichsgeschiedegten Letzeburger gleichgestallt an als "victime du nazisme" unerkannt giefen. A Frankreich goufen all Krichsbeschiedegt gleichme'sseg behandelt. Eis Frônn an Leidesgenossen, d'Elsass- Lothrenger, goufen gleichgestallt mât allen âneren Victimen. Sie krueten verschidden Virde'ler vun den "Anciens Combattants" z.B. duebel Urechnong vun de Krichsjoeren fir d'Pensioun. Wann d'Preisen hire Krichsverbriecher Dausenden vun DM. ausbezuelen kônnen, dann wèrten mir de' schwe'er Zeit, wo' mir eiser Freihét beraubt waren, net nômmen eng Pauschalentschiedegong vun 4.000 frs an 750 frs pro ofgeschlossent Trimester ze gudd hun.

.../2

2.- Mir denken, datt all Zwangsrekrute'erten op Staats- oder Gemengebeamten, Privatbeamten, Arbechter, Bauer oder am freien Beruff, dén ere'scht nom Krich an e regelrecht Arbechtsverhältnes antriede konnt, de' verlueren Joeren als Dengschtjoeren bei dénen verschiddene Caissen ugerechent kritt.

3.- D'Elteren vun de Gefâllenen, Vermëssten oder an der Gefangenschaft verstuerwenen Zwangsrekrute'erten sollen anständeg entschiedegt gin. Mir wëssen, datt keng Geldsomm hinnen hirt Kand ersetze kann. Mé d'Elteren vun dénen Jongen sin nâch lang net all dëck do, an d'Dûrftegkétsklausel soll aus dem bestehenden Gesetz verschwannen. Allen Elteren, de' en Usproch op eng Entschiedegong oder Rent stellen, soll dât bewëllegt gin. Wann festgestallt gëtt, datt en Zwangsrekrute'erten durch d'Awierkongen vum Krich heihém gestuerwen ass, soll seng Frâ oder, wann en net bestued ass, d'Elteren anständeg gehollef kre'en.

4.- Dem engen seng Glidder sin esou vill wert we' dem âneren seng, duerfir sollen och d'Invalidenrenten fir de' selwecht Invaliditét gleich sin. Iwregens hun am Krich vill Jongen beim Bauer geschafft, fir ro'heg gelôss ze gin, well sie neischt wollten mat de Preisen ze dongen hun. Et war net hire Beruff. Sollen sie haut duerfir be'ssen?

5.- Well eso' vill Zwangsrekrute'erten un de Folgen vun de Strapazen aus dem Krich ze leiden hun, wier et ne'deg, datt sie periodesch op d'kèschten vum dommage de guerre durch Spezialisten önnersicht ge'fen

oooooooooooooooooooooooo

Mir sichen !

Leider gött et nach emmer vill Elteren, de' bis elo neischt iwer d'Lous vun hirem Jong erfuer hun, esouguer wann en zo' Tambow war.

Mir bieden de' Komeroden, de' eppes Bestömmtes iwer de RISCH Pierre vun Sennengen wëssen, ons dât matzedélen.

oooooooooooooooooooooooo

Kléderschued.

Wien vun eise Memberen sein Kléderschued dén hien déklare'ert hât, net kritt huet (ev, durech Adressenännerong) soll sech beim Comité mellen. Och de'jéneg de' keng Deklaratioun ausgeföllt hun, dierfen no schrëftlecher Zouso vum Här Staats- a Krichsschuedeminister eng " Déclaration tardive " aschëcken.

oooooooooooooooooooooo

Krankhét durech Krichsawierkong.

Wann én vun eise Memberen un enger Krankhét labore'ert, wo' den Dokter kann noweisen, datt sedurch Krichsawierkong ervirgeruff ass, duerf och eng " Déclaration tardive " am Krichsschuedenamt aré - chen.

oooooooooooooooooooooooo

O p r u f f !

De Comité huet nach e leschten Opruff un all "Tambower" gemâcht, de' net Member vun eiser Amicale waren. Bis elo hun 125 nei Memberen fir 1960 bezuelt, de' zesummen mat de Memberen vun 1959 d'Zuel op 550 erhe'cht.

Mir bieden all Memberen vun 1959 och elo hir Cotisatioun fir 1960 op eise Postscheck 240 07 (Amicale des Anciens de Tambow) ze iwerweisen.

.../3

De' bis den 31.Mé net bezuelten Cotisatiounen, lossen mir durech de Bre'fdre'er erhiewen.

oooooooooooooooooooo

## Noruff

Am leschten Joer hâten mir 3 vun eisen Komerôden durch Onglëcksfall verluer ( Bruch Robert, Klein André an Schenten Henri). Och dëst Joer gouf eis Amicale nés hârt getraff, well e Samschdeg, den 9.4.60 hun mir de Kettel Neckel begruewen. Iwer 30 "Tambower" hun um Begriefnes délgeholl. Onvergiesslechen Frënd Neckel schless Frëndschaft mat eisen do'degen Komerôden, an schlôf zesummen an Ro'h.

Mir bieden all eis Memberenbei eventuellen Stierffäll dem Comité et se melden op tél.Nos. 546 41 oder 210 46.

oooooooooooooooooooo

## Generalversammlung vum 7.11.1959 am Restaurant Pôle-Nord, Letzeburg.

1.De Président eröffnet d'Versammlung um 3 Auer.D'hun ca 200 Memberen drun délgeholl. De Président sét allen merci de' sech nach all Joer vill Arbecht fir d'Amicale gemât hun.

2,De Sekretär verliest den Tätegkétsbericht den vun der Versammlung gudgehâlen get.

3.De Caissier verliest den Kassenbericht. Am Numm vun den Kassenrevisoren schwëtzt de Frend A.Ackermann an hien biéd d'Versammlong dem Caissier Entlâschtong ze erdélen.

4.De Président bericht iwert d'Audienzen beim Här Staatsminister Werner an beim Här Aussenminister Eugène Schaus. Weiderhin ass virgesinn e Memorandum mat onsen Fuerderungen auszeschaffen an un d'Chamber,d'Présidenten vun de Parteien, de Staatsrôt an un all Depute'erten ze schecken.

5.De Président annonce'ert onsen Programm fir 1960

6. Frei Aussprôch.

Gent 5 Auer Schluss vun onser 2, Generalversammlong.

oooooooooooooooooooo

## "ONS JONGEN" Dideleng.

D'Ligue "OnsJongen" Sektioun Dideleng hât den 30. März eng gudd besicht Versammlong zesummengeruff. Vun onsem Comité waren Komerôden Scholer a Welter vertrueden. De Komerôd Mantz vun der LLMIG (Ligue Luxembourgeoise des Mutilés et Invalides de Guerre 1940-1945) huet Opschloss gin iwer de Vertrag mat Deitschland. Ons 2 Vertrieder hun och d'Wuert ergraff. Bei deser Gelégenheit ass en Aktiouns-Comité gegrënnt gin dem Vertrieder vun der LLMIG vun den Tambower an aner Zwangsrekrute'erten ugehe'eren. Den Aktiouns-Comité dre't de Numm :

COMITE D'ACTION DES ENROLES DE FORCE, VICTIMES DU NAZISME.

Den Zweck vun deser Aktioun ass net fir eng nei Ligue "Ons Jongen" zegrënden, sondern d'Interessen vun allen Zwangsrekrute'erten ze verdédegen ouni Politesch gebonnen zesin.

Den Aktiouns-Comité huet Versammlongen øfgehâl zo :
Bettembourg, den 16.4.60
Dudelange, den 12.4.60
Luxembourg, den 26.4.60
Esch/Alzette, den 9.5.60

De 15. Mé ginOpklärungsversammlungen an allen gre'sseren Uerschaften ofgehâlen, an't zwar zo Diekirch,Ettelbruck,Vianden,Clervaux,

..../4

Troisvierges, Wiltz, Esch s/Sûre, Redange/Attert, Hosingen, Mersch, Lintgen, Luxembourg, Pétange, Rodange, Differdange, Esch/ALzette, Kayl a Steinfort.

De geneie Horaire get durch Press bekannt.

ooooooooooooooooooo